# Eng Auer.

En êscht Steck aus dem Liewen.


PERSO'NEN:

*Abbi,* e Jong vun 10 Joer.
*Sei Papp.*
*Seng Mamm.*
*Le'ni,* hir Mod.
*Deiwel.*
*Schutzengel.*
*En Hêschemann,* Noper.

Komerode vum Abbi: *Jeng, Jemp, Frin, Mètt, Friedchen.*

## *I. AKT.*

(E Besch. Um Buodem leie vill dir Blieder. Et he'ert ê vu fère sangen. Kanner sangen a kommen emmer me' no. Abbi a Frin komme mat engem Réch an engem Sâck op d'Bün a sangen:)



Kraucht an d'Blieder, klammt op d'Bém, tradira.
Pleckt Mêre'schen fir mat hêm; tradira.
Lauschtert d'Mèrel, Meis a Spre'f, tradira.
Fanne ne'rens d'Welt eso' le'f
We' an dem Besch a. s. w.

*Abbi:* Ech hun eng Auer, Frin! (Lét allès ewèg).

*Frin:* We'? Eng vum Groschen, aus enger Virwetztût?

*Abbi:* Ma da kuck, du Efalt do! (Zit eng Hèrenauer o'ni Kètten aus der Täsch eraus).

*Frin:* Weis emol. (Hält se un d'O'er.) Hei! eng richteg! De' richteg teckt? Ei! So, Abbi, wo' huos du de' krit?

*Abbi:* 'T ass mengem Papp seng. Sie lo'g an onsem Kicheschâf an ech hun se neme fir de Metteg an d'Täsch gestach. Ech léen se rem hurteg hannescht, wann ech hêm kommen. Hie wêss neischt dervun, soss hätt hie gejaut.

*Frin:* (Kuckt se emmer me' no an dre't se an der Hand.) Ei! Eso' eng Auer ass dach èppes Sche'nes! Ech hätt nawèll le'wer eng Auer we' Schoklat a Knippercher. Wann ech emol gro'ss sin, kêft mei Papp mer eng. Mâch s'emol op!

*Abbi:* Luos! Du häss se hurteg gebrach! Huol dei Messer! (Sie mâchen s'op.) Do. . .

*Frin:* Ei! We' blenken de' Rieder!

*Abbi:* Wèg mat de Fangeren!

*Frin:* We' fein geschafft! Lôss emol . . .

*Abbi:* Wanns du fèrdeg bass, ass se ganz futti.

*Frin:* Wat soll eso' eng kaschten?

*Abbi:* Mei Papp ge'f de' hei net gin fir alles net. Sei Pètter huot him se kaft, we' e seng e'scht Kommunio'n gemâcht huot. Dat ass schons lâng, schon 30 Joer, huot mei Papp gesot. De Pètter ass schons lâng do't. Mei Papp hat se mat an Amerika geholl. Wann hien eng gölde krit, da kre'en ech de' hei. Ma, ech wètten, hien huot de' hei nach le'wer we' de' sche'nste gôlden. (Et he'ert ên emmer me' no sangen: Holi, Holi, Hola . . . De' zwe' stemme mat an, den Abbi stecht d'Auer an. Sie greife no hire Säck...)

*Frin:* A wo' bleiwen de' eso' lâng?

*Abbi:* Lôsse mir alt ufänken ze schären! (Sie kommen all op d'Bün a sangen zesummen de' zwo' Strophe vum Besch.)

*Jemp:* Dir wârt alt presse'ert, dir zwe'n.

*Jeng:* Mir haten e Re' gesin, Jongen, dat hätt der misste gesin! Wat dat Sätz gemâcht huot!

*Jemp:* Lôsse mer nach e bessche spillen; mir hun nach hurteg eis Blieder geschärt, hei leien se jo op Ke'p.

*Nik:* Wivill Auer soll et sin?

*Abbi:* Halwer drei.

*Jemp:* Ongefe'er, jo!

*Nik:* Et ass me' spe't.

*Abbi:* Nên, et ass halwer drei. (Ho'freg.)

*Nik:* Mais, wo' wêss du dann dat?

*Jemp:* Den Abbi ass e Stiérekuckert! Hie geseit dat u senger Nuos! (All lâchen!)

*Abbi:* (be's.) Ma da kuck, du Efalt do!

*Jemp:* Aus wat fir enger Rommel huos du de' da geschnidden?

*Jeng:* 'T ass eng richteg, Jongen, eng ganz richteg!

*Nik:* Löss kucken. (Sie strècken d'Nuosen zesummen.) Ooooo!

*Jemp:* Hopp! Elo get gespillt! Reiber a Jéer!

*Frin:* An du gess Reiberhauptmann! We'!

*Jemp:* Dann häss du nach net vill Spâss!

*Frin:* Nên, Holzbock! Jé Nik, stèll dech!


*Abbi:* Ma da stèll du dech!

*Frin:* Jé, jé! Mir wiesslen of! (De' zwe' sprangen iwerenên; de' aner mâchen no a sangen an engems: Holi! Holi! Hola! etc. Um Enn trellen s'all iwerenên.)

*Mètt:* Ech sin net me' mat. De Nik huot e Puor Bên ewe' zwe'n Drèschflélen an e fuchtelt dermat, we' wann et seng net wären.

*Jemp:* Lôsse mer Sacklaufen mâchen!

*Allegur:* Richteg! Sacklaufen! Sacklaufen! (Jidderên hölt e Sâck, kreicht dran a stréckt en ennert den Ärm zo'.)




*Jeng:* Mir mâchen eng Course.

*Nik:* Lôsse mer kucken, wien am he'chste sprange kann.

*Frin:* Hei de Mètti! (De bonzelt a nurelt sei Lidd.)

*Nik:* Mâch, Abbi, dass de Kapp awer nach eraus bleift.

*Jemp:* Lôsse mer d'Säck iwert de Kapp zesumme strécken!

*Nik:* Nên! Nên! De Kapp eraus!

*Jemp:* Ass och kê Buodem eraus?

*Nik:* Mein huot e Buodem.

*All:* Mein och! Mein och!

*Jeng:* De Nik ge'f e gudden Ho'secker!

*Jemp:* Ferdeg all! Eng Course! (Et leît schons ên do!) Mir stèllen ons all an eng Rei. Ech gin de Kommando. Ent, zwê, drei! an da gêt et bis bei den Tännebâm. Wien den e'schten ass, ass gewonnen!

*Abbi:* A wîe fällt?

*Nik* a *Jemp:* Muss erem opstoen!

*Mètt:* Kann ên och krauchen?

*Jemp:* Krauchen ass verbuoden! Et gelt neme lafen a sprangen!
(De Jemp kommande'ert. — Sie wölle lafen. En trellt iwert dém aner seng Bên; sie krauchen a sprangen, ên hält dén aner un; d'Course ass neischt.)

*Nik:* Et gelt net, de Mètt huot mech ugehal.

*Abbi:* De Jeng mech och! Ech wär den e'schte gin.

*Nik:* Lôsst mer anescht spillen! (Weist geheimnisvoll op den Abbi. Wann dén aus sengem Sâck eraus ass, huolen zwe'n en a stiechen en an de Sâck, mam Kapp vir, d'Bên d'Lûcht aus. Sie din all Krêsch, den Abbi jeitzt, sie dre'en en em!)

*Jemp:* Et ass dés nu genug, ech gi meng Blieder schären.

*Nik:* Ech och .... (Sie huolen all hir Säck a gin. Den Abbi ass nach elèng op der Bün. Hie struowelt sech eraus, klappt sech of.)

*Abbi:* O wârt Nik, dat elo berappst du mer! (Greift och Sâck a Riech, sicht no senger Auer.) A wo' ass meng Auer? (Get emmer me' onro'eg.) Mengem Papp seng Auer! (Schärt an de Blieder.) Do hun ech d'Auer verluor!

*De' aner:* (ruffen) Komm, Abbi, hei si vill Blieder!

*Abbi:* (Hien he'ert se leschteg sangen a kreischt emmer me' hârt.) A wann ech se net eremfannen! Mengem Papp seng Auer! (Hie jeitzt) Hätt ech se alt net geholl! Dat ass dem Nik seng Schold! Ech fannen se net me' erem. Wat soen ech dohém! Mengem Zapp seng gutt Auer! (Hie lét sech op de Buodem a kreischt an d'Blieder.)

*Virhank.*

---

## *II. AKT.*

(Eng Stuff um Land ge'nt den Owend. Abbi setzt an engem Eck um Desch an engem Buch ze liesen, bei senger Mamm, de' bitzt. D'Le'ni, hir Mod, kent vun der Kirmes erem.)

*Le'ni:* Gudden Owend, allegur!

*Mamm* an *Abbi:* Gudden Owend, Le'ni! Bass de glecklech erem vun der Kirmes.

*Le'ni:* Glecklech, sot der! Do war kèng Gefohr fir mech!

*Mamm:* Du häss jo mol können zevill Vermicelleszopp gies a vum Schoklat d'Zänn lâng krit hun.

*Le'ni:* (lâcht) Hahaha! Vermicelleszopp! Ma jo! Meng Mamm hat nawèll gutt Gehäx mat Quètsche gemâcht. Ech hat bal zevill dervu giés. Mam Schoklat ass awer kèng Gefohr; dir wösst, dass ech

domat wöllkem bei menger Mamm uke'm. Get dann neischt neies, vun ass ech fort war?

*Mamm:* Neischt apartes, nên; d'Fîlchen ass krank!

*Le'ni:* (besuorgt.) O, dé le'we Prutsch! Secher net gefe'erlech, dat deng mer léd!

*Mamm:* O, muor wèrd et besser sin! A wat mân èr Leit dann dohém?

*Le'ni:* Ech danke, Mêschtesch! De' sin nach all monter a sie schecken iech hir Complimente mat. Meng Mamm hätt gèr gewosst, wat dir mat mir fiddert. Sie sot, meng Bâcke ge'wen all Dâg me' ro't a ronn. Sie hätte gèr gehât, wann den Abbi mat op d'Kirmes komm wär. Hei, Abbi, hun ech dir èppes matbruocht. (Hölt Zockersâchen aus der Réstäsch eraus.)

*Mamm:* Ma Le'ni, du wêss dach, dass de deng Sue ne'deg huos.

*Le'ni:* Dat ass neischt, Mêschtsech, den Abbi an ech, mir hun eis nach emmer gutt verdroen. Hien hat mir jo och èppes aus der Oktave matbruocht. Lôss du dir et gutt schmâchen, Abbi.

*Abbi:* Merci, Le'ni. Huot ère Jèng de' jong Honn nach?

*Le'ni:* Ah jo! De' misst e gesin! 'T ass ê bei déne ve'er, eso' e le'we Mulli, pèchschwârz mat engem weisse Schwanz. Dé misst e gesin!

*Abbi:* Kre'en ech dén dann?

*Le'ni:* Ma secher, wanns du e gèr häss! Ech muss mech elo hurteg ausdin a Grompere schielen; den Zug hat vill Verspe'dong. (Of. sengt leschteg fir sech.)

*Papp:* (Halef ugedon.) Ech fanne meng Auer ne'rens.

*Mamm:* Leit se dann net am Kicheschâf?

*Papp:* Nên, ech hun e ganz durchsicht. (Den Abbi kreicht an den Eck.)

*Mamm:* Och net am Nuotsdesch?

*Papp:* Nên!

*Mamm:* An um Briet beim Kléderschâf?

*Papp:* Alt net!

*Mamm:* Sie muss awer anzwo' sin! D'Haus verle'ert neischt! Du muss se jo och net grad den Owend hun.

*Papp:* Ma dach, ech gin nach eraus! (Den Abbi steipt de Kapp.)

*Mamm:* Da wârt, *ech* gin emol kucken! (Papp a Mamm of, huolen d'Lûcht mat. Aus der Kichen he'ert ên d'Le'ni sangen: Freut euch des Lebens... Den Abbi stêt op an zit den Otem de'f. Hien tèsselt seng Bicher an de Sâck.)

*Abbi:* O Mamm, de' Auer! (Et klappt un der Dir.) Herein! (En âlen Hêschemann kent eran.

*Hêschemann:* Könnt ech net èppes Klènges kre'en; ech sin arem an âl!

*Abbi:* Meng Mamm huot elo kèng Zeit; könn der net eng aner Ke'er eremkommen?

*Hêschemann:* Et brauch net vill ze sin; nemen e Steckelchen drechent Bro't!

*Abbi:* Le'ni!

*Le'ni:* Ja! Wat get Neies. (Sengt fir sech.)

*Abbi:* Breng dém ârme Mann e Steck Bro't.

*Le'ni:* Op der Minutt!

*Hêschemann:* Jo, mei Jong, we' ech eso' jonk war we's du, hat ech a kê Mensch geduocht, dass ech nach eng Ke'er misst hêsche goen. Ech war am Kolle'sch emmer den e'schten; ech hat e glänzenden Exame gemâcht; ech go'f op enger Bank ugestalt. No engem Joer sin ech schons avance'ert, an ech hat de' sche'nsten Aussichten, eng herrlech Plâtz ze kre'en. Ech ko'm bei d'Caisse, wo' vill, ganz vill Geld war. En Dag ass Geld geholl gin ....

*Abbi:* Vu wiem?

*Hêschemann:* Den De'f war net ze fannen. Ech sin an de Verdacht kom; ech si verklot gin. Mei le'we Jong, so' wahr e Gott am Himmel ass, ech war onschölleg! Ech ko'm an de Prisong fir 15 Joer!

*Abbi:* An dén et geholl hat?

*Hêschemann:* Huot neischt gesot! Ech hu misse setzen, 10 Joer lâng, du huot den De'f, um Do'dsbett, gesot, hien hätt d'Geld geholl.

*Abbi:* An du?

*Hêschemann:* Ja, du ko'm ech aus dem Prisong eraus, krank, mei Jong, schwe'er krank vu Verdross. Ech hätt erem gèr eng Plâtz gehât, awer iwerall soten se, ech wär am Prisong gewiescht, ech hätt vleicht mat dém aneren zesummen d'Geld geholl .... Mei gudde Nuom war fort. Et huot kê mech me' ugestalt. Ech sollt verzweiwelen, sin emmer me' krank gin, am Enn konnt ech net me' schaffen, ech sin en Hêschemann gin, durch d'Lige vun engem aner. (Feierlech.) Mei Jong, le' nie! le' nie!

*Le'ni:* (Kent mam Bro't.) Lôsst iech dat gutt schmâchen!

*Hêschemann:* Merci, meng Mod! Au revoir, dir Kanner! (Of.)

*Abbi:* (Elèng am Halbdonkel.) Eng Ligen! Le'ni!! O Mamm, de' Auer! Ech ge'f eso' gèr d'Wo'recht soen; ech fèrten! —

*Mamm:* Ma, we' ass dann dat! De' Auer ass net erem ze fannen! Abbi, huos du neischt dervu gesin?

*Abbi:* Ech wêss neischt, Mama! (Lâng Paus. — D'Mamm sicht am Schâf, huot dem Abbi de Réck gedre't, hien zeckt zesummen, greift sech an d'Hoer, get ganz opgerégt. De Papp kent eran, fèrdeg ugedon.)

*Mamm:* Ech fanne neischt, hun iwerall gesicht.

*Papp:* (Schârf den Abbi an d'An huolend.) Abbi, has du se vleicht ennert de Fangeren?

*Abbi:* Ech wêss neischt devun, Pappa!

*Papp:* Do ass èppes net richteg! Et huot ên de' Auer geholl! De' gutt Auer! Dat sche'nt Undènken! Ech hätt le'wer dausend Frang verluor!

*Mamm:* D'Haus verle'ert neischt. Ech siche nach muor alles aus. Et ka jo kên se geholl hun!

*Papp:* Et ass kèngem ze trauen!

*Mamm:* Et war dach kê Friemen am Haus, an du wèrds dach net mèngen, d'Le'ni . . .

*Papp:* Jé! Jé! Ech traue kèngem! Et kann eso' gur sche' schwätzen, 't ass e lîchtsennegt Dengen, 't ass ho'freg . . . wîe wêss? Dass se grad verschwonnen ass, we' et hêm gung . . .

*Mamm:* Dat wär awer onerhe'ert! Wann ech dat we'sst! Da fe'ert kèng Ried. Ech kucken emol a senger Kescht an ech fuorschen emol hannert dém krappegen Dengen; ech muss dat awer erauskre'en. Wann et dèr Naupen hätt, misst et mer ênzock aus dem Haus eraus, wann et seng Arbecht och nach eso' gutt mecht. (Papp of.) Mâch, Abbi, dass du kèng Ried fe'erst beim Le'ni, vun der Auer. Dat ass mer eng gelunge Geschicht! Ech kann dat dach bal net gléwen. Ech hun emmer gemèngt, ech könnt en Haus op et bauen. Ech gin direkt nach op de Speicher kucken, de' Auer le'sst mir kèng Ro'. Wa mir se net eremfannen, wêss ech net, wat dat gêt gin! (Of, hölt d'Lûcht mat.)

*Abbi:* O Mamm! (Hie lét de Kapp op den Desch. Vu rechts kent de Schutzengel, schne'weiss, vu lenks, der Deiwel, pèchschwârz.)

*Engel:* Abbi, o Abbi, du huos gelun! Eng Ligen ass be's, o Abbi, dènk drun!

*Deiwel:* Sief net so' domm a lauschter net no! Wat leit dir drun! Wat wêss dén elo?

*Engel:* He'er mech, Kand, a folleg mir, ech hun dech gèr an hellefen dir.

*Deiwel:* Schle' kriss de, wanns de d'Wo'recht sés; dei Papp ass be's, Jong! O wann en et wês! (Abbi seifzt.)

*Engel:* So dengem Papp, du häss d'Auer verluor! Dei Papp verzeit dir secher schons muor!

*Deiwel:* Nê, Jong, hie jét dech an d'deischter Nuocht! Fort an de Besch, bis du d'Auer huos bruocht.

*Abbi:* O mei! O mei!

*Engel:* Der Deiwel, dat Kand gehe'ert mir!

*Deiwel:* Et war emol deint, elo gin ech vir!

*Engel:* Luxifer! Fort, eraus aus dem Haus! (Hölt e Kreizefex an der Deiwel flitt.)

*Engel:* Laf se'er, mei Kand, dengem Papp virun d'Fe'ss! Geste'h alles ân, hie get dann net be's! Courage, eng Minutt, kuck fest him an d'An! Sprang op! Sprang op a geste'h alles ân! (De Schutzengel stêt hannert em, brêt seng Fligel aus a wârt op eng Äntwert.)

*Abbi:* Wat sin dat fir Stemmen, de' mer pesperen? O Gott! Ech fèrten! Ech fèrten, ech kann et net soen! De Schutzengel verstoppt d'Gesîcht, der Deiwel lâcht. (Of.)

*Le'ni:* (Kent eran a sengt leschteg.) Abbi, bass du krank.

*Abbi:* 'T ass neischt, Le'ni!

*Le'ni:* Hei huos du nach eng Zockerbo'n vun der Kirmes!

*Abbi:* Merci, Le'ni. (Le'ni sprengt of.) Dat gutt Kand! Soll mei Papp wîrcklech mèngen, d'Le'ni hätt d'Auer geholl? Dat kann en dach net. D'Mamm gléft et jo och net. Dem Le'ni wèrd neischt gesche'en! De Papp wèrd d'Auer vergiessen! Oder soll ech et soen? — (Paus.) Nên, ech kann net!

*Virhank.*

---

## *III. AKT.*

(An der Stuff setzt d'Le'ni, Gromperen ze schielen. Et wescht sech d'An a sét fir sech:)

*Le'ni:* Wo' kann ên awer mèngen, *ech* hätt de' Auer geholl! We' ech fort an den Dingscht gong, huot meng Mamm mer mat Weihwâsser e Kreiz op d'Stîr gemâcht a gesot: Le'ni, bleif brav an e'erlech! Du gês aus engem e'erlechen Haus eraus, mat engem e'erlechen Nuom, komm eso' erem! A wann sie elo he'ert ech hätt eng Auer geholl! Glêft sie mir och, wann ech soen et wär net wo'er? (Et kreischt. Den Abbi kent eran a setzt sech un den Desch.)

*Abbi:* Le'ni, wuorfir kreischst du?

*Le'ni:* (schârf) Dei Papp an deng Mamm mèngen, ech hätt eng Auer hei geholl!

*Abbi:* Wîe sot dann?

*Le'ni:* Nach gescht den Owend huot deng Mamm gefrot, ob ech neischt vun der Auer gesin hätt. Sie huot mer meng Kescht durchsicht; an haut de Muorgen huot dei Papp mer rîcht an d'Gesîcht gesot, ech hätt se geholl! «So wo' se ass,» sot en, «oder d'Gendârme kommen op der Stonn!»

*Abbi:* Le'ni, d'Gendârmen!

*Le'ni:* Wat leit mir un de Gendârmen! (Stêt op a werft alles ewèg.) Ech brauch kê Gendârm a kên ze fèrten, ech soen hinnen an all Mensch frei a frank, dass ech neischt vun der Auer wêss. Ech hu schons eng ganz Nuocht gekrascht an et dêt mer neme léd fir meng Mamm, de' elo mèngt, ech wär en De'f. Abbi, ceh si kên De'f!

*Abbi:* Le'ni, kreisch net!

*Papp:* (kent eran, be's a strèng.) Nu mâch dass dat Geso'ers ophe'ert! Et ass dés Kome'di nu grad genug!

*Le'ni:* Ma Mêschter, ech hun de' Auer net geholl; ech soen et dausendmol!

*Papp:* Wuorfir ass sie da grad werschwonnen, we's du hêm bass gâng?

*Le'ni:* Ja, ech wêss dat net, mè ech hun se net geholl!

*Papp:* Erem Jéng huos du se mat hêm geholl!

*Le'ni:* Mei Gott!

*Papp:* Duorfir huos du och eso' scheinhèlleg dem Abbi de' Zockersâche matbruocht.

*Le'ni:* Nên, wèll ech emmer gutt mam Abbi war.

*Papp:* Et war weider kên am Haus we's du . . . An ech soen: Du huos se. Nu froen ech nach eng Ke'er: Wo' ass se? (Stêt virun et an hölt et mam Arem.)

*Le'ni:* (A lèschter Ustrèngong.) Nên! Emmer an e'weg nên! Ech wêss neischt dervun!

*Papp:* (Werft d'Geld dur.) Do huos du de Rèscht vun dengem Lo'n. Mâch dei Pâck an aus dem Haus. An enger Ve'erelstonn bass du fort, du De'f!

*Le'ni:* (Le'sst d'Geld leien.) Ech si kên De'f! Ech si kên De'f! An der deischter Nuocht!

*Papp:* Nach ze gutt fir dech! Fort, soen ech! Fort! (Of, an hölt d'Lûcht mat.)

*Abbi:* Le'ni! Le'ni! Le'ni! (Hölt et mat der Hand.)

*Le'ni:* Abbi, mèngst du och, ech hätt d'Auer geholl.

*Abbi:* (Sét neischt, le'sst dem Le'ni seng Hand goen, luos.) Nê, Le'ni!

*Le'ni:* O Mamm! (Gêt aus a kreischt.)

*Abbi:* (Elèng.) Wat soll ech mâchen? (Lét de Kapp op den Desch. — De Schutzengel kent erem vu rechts, der Diewel vu lenks.)

*Engel:* Abbi, o Abbi, was du gemêt!
Dènk un dat Kand an u sei Lêd!

*Deiwel:* Dènk un dech! Sief net so' domm!
Dat pinschecht Déngen hölt alles kromm!

*Engel:* Sei gudde Nuom huos du em gestuol;
Dat brènnt deng Se'l we' e ro'de Kuol.

*Deiwel:* Hä! Bah! Dat ass rem hurteg vergiess!
Et dènkt kên drun, wèll kên et wêss!

*Engel:* Sei Liewe lâng dre't et un der Schan;
Sei Papp, seng Mamm, sie kreische sech blann!

*Deiwel:* Besser sie, we's du! Jong, wien der krit!
Dei Papp an deng Mamm, de' spâssen net!

*Engel:* Sie he'ren allbe'd d'Wo'recht gèr,
Hirt Gleck, wann hirt Kand oprichteg wär!
An nach: We' gutt war d'Le'ni fir dech!
Dat treit, gutt Hèrz dènkt net u sech!

*Deiwel:* Eng Zockerbo'n! De' krit ên all Dag!
Eng Schokolasröpp, ass dat eng Sâch?

*Engel:* Hei ass eng he'ch, ganz wichtig Sâch,
Et hêscht se gutt, rem gutt gemâch:
Et ass nach Zeit, laf se'er, mei Kand.
Ech war et! Sô! Komm gef mer d'Hand.
Ech léen der d'Wierder all op d'Zong
Komm hurteg, komm hurteg! Sô d'Wo'recht, mei Jong!

*Deiwel:* Ge' net! Ge' net! Hien helleft dech schlon!
Sô neischt! Hal stöll! Hie wöllt dech verklon!

*Engel:* Lucifer, fort!
Du kens net! Jong, wo' ass dann dei Mutt?
Kèng Krâft a kê Feier, kèng Le'ft huos d'am Blutt!
Du kènns nemen dech! Werfs aner an d'Lêd,
Zidderst vrun enger Armse'legkêt!
Du hues gelun!
Du hues bedrun!
En e'erlecht Kand muss leiden drun,
Sei Liewe lâng,
Gêt drun zo' Grond.
Hopp! Op de Mond!

Komm! Kuck dem brave Kand an d'An.
Courage an zwo' Hänn a geste' alles ân.

*Abbi:* O! O! O! O! —

*Deiwel:* Le', soss get et Schle'!

*Engel:* Le' net! Dei Fridd, sei Fridd, verflitt.
Abbi, le' nie!

*Abbi:* Ech — sin — net — eso' — king!

*Engel:* Traureg, verdèckt d'Gesîcht! O Kand! Der Deiwel lâcht.

*Mamm:* Wien hätt nun awer dat vum Le'ni gemènkt. Ech hun em alles getraut, kê Schâf a kèng Kescht gespart, an elo gesin ech derhanner! Gott wêss wat mer nach fortko'm! Dat hei war secher net fir d'e'scht!

*Abbi:* Ech hun awer net gèr, dass d'Le'ni fort gêt ...

*Mamm:* De Papp ass ze be's an hien huot och Recht. En De'f kann ên net am Haus halen.

*Papp:* (Setzt sech un den Desch.) Et ass mer nach lêd, dass ech d'Gendârme net komme gelôss hun! So' èppes misst op de' spetzbo'weg Fangere geklappt kre'en ... Hei, huot et seng Sue net geholl ... Da lôss du se leien, et fle'ft kên dir.

*Le'ni:* (Kent era mat sengem Pâck.) Le'f Herrschaft, ech soen nach eng Ke'er, ech sin onschölleg. Halt mech bis muor, et ass ze deischter dobaussen. Ech fèrten.

*Papp:* En e'erleche Mensch brauch neischt ze fèrten. Mâch dech ewèg.

*Le'ni:* Da get mer en Certificat, ech hun dach emmer meng Arbecht gutt gemâcht.

*Papp:* Wat? En Certificat! Dat ge'f och nach grad félen! Oder soll ech drop schreiwen, was de gemâcht huos.

*Le'ni:* Trei war ech bis zum lèschte Momènt, Mêschter.

*Papp:* Fort op der Minutt. Fort!
(D'Mamm ass schons aus, de Papp gêt no — den Abbi elèng, jeitzt so' hârt we' e kann: Le'ni! Le'ni! Le'ni! — Der Deiwel kent hannen erbei a lâcht.)

*Virhank.*

---

## *IV. AKT.*

(Den Abbi ass elèng an der Stuff, seng Aufgab ze mâchen. Werft d'Fieder wèg.)

*Abbi:* Ech hu kèng Ro' a kèng Rascht! Am Dram gesin ech d'Le'ni kreischen, an der deischter Nuocht durch de Besch lafen, Reiber a

Wöllef hannerun him. O de' Auer! Wuorfir fèrten ech eso'? Ech soen, ech hätt se verluor! — — (Stêt op.)

*Deiwel:* Ha nên, mei Männchen, dat sés du net. Du huos se agebrächt, nun iéss deng Brit! Ha! Ech hun dech a lôssen net lass! Geseis du we' ârmse'leg du bass! En ârmt Kand huos du a Misèr geheit! Ha, Männchen, de' Ligen de' lêft net me' weit! Schwârz we' d'Nuocht ass deng Se'l dervu gin! O Männchen, o könns du dei Bild elo gesin! Ech huolen dech êmol, Jong, vleicht schons muor.

*Abbi:* O, O, O! — — (Greif sech an der Verzweiflong an d'Hoer.)

*Deiwel:* Et kann dech neischt dengen! Mei bass du nu ganz! Komm! Abbi, mei Brudder, mir mâchen en Danz!

*Abbi:* (sprengt op a rifft) Schutzengel, mein Engel! O hellef mir! — (Wârt, et kent kên Engel.)

*Deiwel:* Dein Engelchen, hä, ass fortgeflun! Ma, rènn em dach no! Gelun bleift gelun! Ech sin dei Komerod! Lo spillst du mat mir! Verluor bleift verluor, dat soen ech dir!

*Abbi:* Ech muss et soen! Ech soen et!

*Deiwel:* Du sés et net, 't ass vill ze spe't! D'Le'ni ass fort! Wat dei Papp dech schle't! Lo kent e jo! E schl'et dech do't! Da sin ech do an huole mei Brot. (Deiwel verschwönd. De Papp kent mat der Lûcht a setzt sech un den Dsech. D'Mamm kent och. Den Abbi bleift am Eck a kniwelt um Scho'lsâck.)

*Papp:* Abbi, kuck wat de Bre'fdre'er bruocht huot. (Abbi of.)

*Mamm:* Mir hätten d'Le'ni dach net eso' hurteg fortschecke sollen.

*Papp:* Schwätz mer net me' vun em.

*Mamm:* Ja, ech dènken nach emmer drun. De' Auer hätt sech dach vleicht eremfond! Vun ass sei Papp a seng Mamm passe'ert sin, kann ceh all Dag manner dru glêwen.

*Abbi:* E Bre'f vum Le'ni!

*Papp* a *Mamm:* Vun dém!

*Papp:* Weis! (Papp liest.)

*Abbi:* Mamm, mèngs du, et ging him schlecht?

*Mamm:* Ganz schlecht! Soll sei be'st Gewessen et ploen, oder ... wat. Seng Mamm sot, et ge'f Dag a Nuocht kreischen.

*Abbi:* O Mamm!

*Papp:* De' âl Leier! Onschölleg! Sei gudde Nuom wär fort! All Mensch weist mat Fangeren op et. Ka kèng aner Plâtz o'ni Certificat fannen! Hätt kèng Ro' mat dèr Auer! (Ech glêwen.) Ke'm nach haut heihinnen. Ennerste' dech net. An dat Sche'nst, lauschtert: Le'f Leit,

ech strècke bei iech zo' d'Fangeren an d'Feier, dass ech d'Auer net gehol hun. Ech bieden Dag ... Wat eng Phariseierei. (Werft de Bre'f ewèg.) Wêss schons ên hei am Duoref, wuorfir ass et fortgejot go'f?

*Mamm:* Majo! D'Duoref ass voll! Ech go'f nach gescht um Kîrchewé an der Molkerei gefrot, ob dat wo'er wär. (Et klappt un der Dir. Allegur ruffen:) Herein!

*E Bauer:* Gudden Owend!

*Allegur:* Gudden Owend, Tunn, huolt iech Plâtz. (Abbi brengt e Stull.)

*Bauer:* Merci, Abbi. We' ass e da mat den Hiéselnöss? Huos du der e gudde Sâck voll gemautscht?

*Papp:* De' Borschten hätte genug an hire Bicher ze knacken; mè do verle'ert kên sech oft.

*Bauer:* Verdangt der den Abbi net. Hie ka jo secher Grompere schiélen an Tâsse spullen? Mir breichten lo grad eso' e Spulljong.

*Mamm:* Mei Gott dach, hie kann alt sei Bro't verdengen.

*Bauer:* Fir awer en êscht Wûrt ze schwätzen, mir hu kèng Mod, an dat dir hat, et hêscht Le'ni, mèngen ech, huot sech geschter ugin. Du wollt ech mol froen, wat derhanner wär, vun dém wat s'am Duoref mirwelen, vun dèr Auer, de' et soll geholl hun?

*Papp:* Meng Auer ass plötzlech fortkom. An et ka kên anert se geholl hun we' hatt!

*Bauer:* Dir mèngt also, hatt hätt d'Auer geholl?

*Papp:* Jo, fir mech ass kên Zweiwel.

*Bauer:* Da kann et mir aus dem Haus bleiwen! Nie an nimmer en De'f an d'Haus! —

*Papp:* A wien huot dat da schons an d'Duoref bruocht?

*Bauer:* Mei Gott, eso' èppes ziélt sech se'er.

*Mamm:* Gott vum Himmel, hei stêt et och schons an der Zeitong!

*Papp:* Weis! Wirklech! An den Nuom nach genannt. (Den Abbi huot kèng Ro' a wandelt emmer hin an hir. Et klappt un der Dir.) Herein! (D'Le'ni kent eran.) Gott, do ass et!

*Le'ni:* Jo, hei ass et. Gudden Owend! An et kommen nach Leit. (D'Gendârme kommen hannert dem Le'ni.)

*Abbi:* D'Gendârmen!

*Gendârmen:* Bonsoir, dir Herrschaften!

*Allegur:* Bonsoir!

*Gendârmen:* Hei soll eng Auer geholl si gin! Mir wöllen de' Sâch emol ennersichen!

*Papp:* Gutt, dir Hèren ...

*Le'ni:* Hei, bei de Leiden allegur, schwieren ech, dass ech neischt vun der Auer wêss. (Abbi drängt sech ervir.)

*Abbi:* Ha, ech fèrten net me'! Ech — hun — s'am — Besch verluor! — (Fällt sengem Papp an d'Ärem.)

*Le'ni:* (Juxt.) Ha, 't ass eraus! Eraus. Gesit der nun! O hèlleg Muttergottes!

*Papp a Mamm:* Abbi, du! (De Papp pâckt e fest a wöllt e schloen.)

*Abbi:* Schlot mech! Huolt mech. Ech hun se verluor! D'Le'ni ass onschölleg!

*Papp a Mamm:* An dat sés du elo ere'scht?

*Abbi:* Ech war net eso' keng.

*Papp:* O Abbi, Abbi, wat huos du gemâcht!

*Abbi:* Ja, wat hun ech gemâcht! Le'ni, wat hun ech gemâcht!

*Le'ni:* (setzt an engemfort op de Kne'en, d'Hänn gefalt.) O Abbi, häss du dach nemen èppes gesot! (Den Abbi fängt un ze kreischen.)

*Gendârm:* Gesit der nun, dir Leit, wat dir dém onschöllege Kand ugedoen huot! Du Bo'f, nun dat erem gutt gemâcht!

*Le'ni:* 'T ass alles gutt! Elo wösst der all dass ech kên De'f sin! O wat wèrde mei Papp a meng Mamm fro' sin! Ech hu mei gudde Nuom erem! (Lâcht a sengt a sprengt.)

*Papp:* Le'ni, verzeih!

*Le'ni:* Alles ass gutt, Mêschter; ech sin eso' fro', o eso' fro. We' sin ech fro' ass ech mei gudde Nuom erem hun!

*Mamm:* Do geseit ên: Wat kann eng Ligen urîchten! Du huos se agestân, Abbi, sie ass der verziehen, a nu Le'ni, siche mir erem alles gutt ze mâchen!

*Le'ni:* Mei gudde Nuom virun allem! (All of, nemen den Àbbi bleift, hie setzt sech op d'Kne'en, falt seng Hänn a biet:)

*Abbi:* Schutzengel, ech danken dir op menge Kne'en,
We ass 't mer eso' lîcht! We' sin ech so' fro'!
Du huos mer gehollef, ech wèrd nie me' le'en!
Eng Lige brènnt be's op der Se'l emmerzo'.

(*De Schutzengel* kent vun hannen erbei a brêt seng Flilecken iwer den Abbi aus.)